LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 27 DEC. 2018

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 DEC. 2018

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet : Réponse de Monsieur le Premier ministre, ministre d'Etat à la question parlementaire 38 de Monsieur le Député Sven CLEMENT au sujet d'un DDoS Scrubbing Center.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe ma réponse à la question parlementaire 38 du16 novembre 2018 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre

Ministre d'État

Äntwert vum Här Staatsminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 38 vum Här Deputéierte Sven Clement betreffend den Opbau vun engem "DDoS Scrubbing Center".

1. *Wéi vill DDoS-Attachen ginn all Dag zu Lëtzebuerg gemooss? Wat ass den Duerchsatz vun dësen an Mbps, Gbps, Tbps o.ä.?*

   De geplangte Scrubbing Center ass eng Krisegestiounsmoossnahm déi an der nationaler Cybersécherheetsstrategie virgesinn ass. Et ass dëst eng Reaktioun op eng stänneg weltwäit Hausse vun DDoS Attacken *(Distributed Denial of Service attack)*. DDoS Attacke ginn haut statistesch net systematesch zu Lëtzebuerg erfaasst. Hei am Land sinn awer schonn Attacken mat engem Duerchsatz am Gbps Beräich opgetrueden. Am Ausland sinn an der läschter Zäit DDoS Attacken am Tbps Beräich realiséiert ginn.

2. *Op wéi engem Niveau vum OSI-Schichtemodell géif dëse "Scrubbing" zum Asaz kommen?*

   Den OSI Modell ass net direkt geeegent fir TCP/IP duerzestellen, deen éischter op 4 Layer opbaut. Den "Scrubbing", esou wéi en am Moment envisagéiert gëtt, géif op Elementer aus deene 4 IP Layer zréckgräifen, woubäi keng Benotzerdaten analyséiert ginn.

3. *Géif dëse "Scrubbing" op sougenannte "Deep-Packet-Inspection"-Technologien zeréck gräifen? Wa jo, wien definéiert d'Parameter fir entscheede wat legitimen a wat DDoS-Trafic ass?*

   An dëser Phase vum Projet sinn di concernéiert staatlech Servicer zesumme mat den Experte vu LU-CIX, RESTENA an mat dem Spezialisten aus dem Privatsecteur drun ze analyséiren wéi eng Léisung eisem Land di bescht méiglech Protektioun am Fall vun enger massiver DDoS Attack garantéiert. Esou wéi op de Luxembourg Internet Days ugekënnegt ginn an enger éischter Phase d'Kapacitéite vu LU-CIX ausgebaut. Parallel zu dësen Aarbechte gëtt gekuckt wéi eng Technologien bei dëser Krisemesure agesat wäerte ginn. Et ass net geplangt "deep package Inspection" ze maachen. Am Fall wou et bei enger DDoS Attack zum Filtrage vum Traffic kënnt, gëtt dës Moossnahm am Kader vum "plan d'intervention d'urgence Cyber" décidéiert.

4. *Am Fall wou "Deep-Packet-Inspection" zum Asaz kéim, wéi garantéiert den HCPN d'Vertraulechkeet vun Internetkommunikatiounen? Géif an dësem Fall och Trafic fir staatlech Servicen dee SSL-verschlësselt ass interceptéiert ginn?*

   D'Konformitiét vum "scrubbing" zu de gesetzleche Bestëmmunge gëtt duerch festgeluechte Prozeduren déi am Moment vun de staatlechen Akteuren ausgeschafft ginn assuréiert. Et ass am Projet vum "Scrubbing" net virgesinn SSL-verschlësselten Traffic ze "interceptéieren" (i.e. ze décodéieren).

5. *Wien décidéiert genee, wéini de "DDoS Scrubbing" an domadder d'Ëmleedung vun de Kommunikatioune stattfënnt?*

   D'Activatioun vun "DDoS Scrubbing" gëtt duerch d'Krisenzell, wéi se am PIU Cyber virgesinn ass, décidéiert.

6. *Wéi héich ass de Käschtepunkt vun dëser ugekënnegter Mesure an a wéi engem Budgetsposten ass se virgesinn?*

   Den Investissement fir déi éischt Phase fir de Scrubbing Center, dat heescht fir de Renforcement vun den aktuellen Infrastrukturen ass op 800.000 €/hTVA plafonnéiert. De Käschtepunkt fir hiert Bedreiwen ass op ronn 300.000 €/hTVA pro Joer geschat. Den Investissement an d'Bedreiwungskäschte ginn iwwert de Krisebudget vum HCPN respektiv vum Wirtschaftsministère gedroen. De Käschtepunkt vun der 2. Phase kann zu dësem Zäitpunkt nach net genee chiffréiert ginn.

7. *Wien géif dësen DDoS-Scrubbing operativ bedreiwen? Géif dëse Service just fir Staatsservicer offréiert ginn oder och fir de Privatsecteur?*

   Den DDoS-Scrubbing gëtt vun LU-CIX mat der Ënnerstëtzung vun RESTENA operativ bedriwwen. Den "Scrubbing" gëtt op der Infrastruktur vu LU-CIX implantéiert, a profitéiert all de nationalen Internet Infrastrukture vu LU-CIX Mëmberen an hire Client'en.